PAFENDALL

# Oekosoph - DE Bistro

## vum Mouvement Ecologique

6, rue Vauban, Pafendall
oekosoph@oeko.lu, www.meco.lu

Mettwochs a Freides: 15.00 - 23.00 Auer
Bio-Gedrénks a kleng Plat'en
Gesellschaftsspiller, Terrass, flotte Kader

**Adresse**: Oekosoph, Bistro Mouvement Ecologique, 6, rue Vauban,
L - 2663 Lëtzebuerg, Pafendall
**Zu Fouss:** 10 Min. vum «Fëschmaart» oder vun der «Côte d'Eich»
**Mam Vëlo**: iwwerdaachte Vëlosstand direkt beim Bistro
**Mam Bus**: AVL-Linne 23 (vun der Gare aus - «Arrêt «Théiwesbur»)
**Parkplaze beim Oekosoph** - **weider Informatiounen www.meco.lu oder http://www.meco.lu/de/oekosoph-3/**

# Oekosoph: e flotte Bistro … a nach méi

## Programm Februar – Abrëll 2016

Den Oekosoph, de Bistro vum Mouvement Ecologique am Oekozenter Pafendall, ass säit dem Juli 2015 Mëttwochs a Freides fir jiddereen op.

**Eng besonnesch gemittlech Atmosphär, speziell Bio-Gedrénks a kleng kulinaresch Häppercher (och vegetaresch a vegan, mee net nëmmen), Gesellschaftsspiller, eng vun de schéinsten Terrassen an der Stad, e Piano, an.....zeechnen dëse Bistro aus.**

### Mee den Oekosoph huet nach méi ze bidden.
### Regelméisseg ass „eppes Extraes" lass.

- **Sproochecafé:** Den Oekosoph mécht bei dëser flotter Iddi mat. Dobäi geet et dorëms, datt am Oekosoph mat de Gäscht, déi hier Kenntnisser am Lëtzebuergeschen verbessere wëllen, „lëtzebuergesch" geschwat gëtt. De lëtzebuergesche Gespréichspartner soll awer och drop oppassen, datt de Partner d'Diskussiounen och matkritt a net ënnerwee de Fuedem verléiert. Mierkt Iech dëse feste Rendez-vous: all éischten an drëtte Mëttwoch am Mount.

- **Pianosowend:** Wéi ee Bistro huet scho nach e Piano unzebidden? Am Oekosoph steet een a mindestens 1mol am Mount spillt e Pianist bei eis.

- **Gesellschafts- a Kaartespiller:** Am Oekosoph gëtt „zesumme spillen" erëm héich gehalen. Duerfir fannt Dir och hei eng grouss Auswiel u Spiller.
An heiansdo gëtt och op engem Owend ee Spill extra an de Fokus gestallt.

- **Schmaach Owender** mat interessanten Informatiounen. Zu bestëmmten Themen gi Schmaach Owender organiséiert. Et gëtt e spezielle Plat ugebueden an Dir kritt och spannend an interessant Informatiounen zum Thema.
Op aneren Owender gëtt et flott „Wäiprouwen"

- **„Extra-Owender":** Fir et komplett ze maachen ginn awer och besonnesch originell Veranstaltungen, wéi z.B. Quizowender organiséiert.

## Mäerz:

**Freiden, 4.3 an 18.3: Béierschmaachowend: “Beer meets Food / all organic stuff”**



Am Oekosoph ginn – niewent dem „Stammbéier“, dem „Bio-Simon“ – aussergewéinlech an originell Bio-Béierzorten ugebueden.
Kommt laanscht, loosst Iech vun eisem Fournisseur „True Brew Trade“ iwwerraschen an Iech Erklärungen zu de verschidden handwierklech gebraute Béierzorte ginn (hier Hierkonft, Brauweis, Eegenaarten...).

Begleet ginn déi 10 Béierprouwen mat passende kulinaresche Leckereien aus der Kichen:
* Bruschetta mat Mozzarella
* Béierzopp
* Vegetaresche Curry mat Reis
* Kéisplateau
* Moelleux

Rendez-Vous: 19.00 Auer am Oekosoph.
Präis: 25 Euro fir Memberen vum Meco, 30 Euro fir Net Memberen.
D’Zuel vun de Participanten ass begrenzt : duerfir: déi Éischt si fir !
Eng Umeldung bis zum 1. Mäerz 12.00 ass néideg.

**Freiden, 11.3.: Wäiprouf mat Wäiner vu Sunnen-Hoffmann:**



Kommt laanscht, ob eng flott Wäiprouf mam éischte lëtzebuerger Bio-Wënzer Betrieb, dem Sunnen-Hoffmann. Si presentéieren hier gutt lëtzebuerger Biowäiner, och schonn éischt Wäiner vun 2015… an puer besonnesch gutt auslännesch Bio-Crux’en. Natierlech beäntweren si och all Är Froen iwwert de Biowäibau, d’Produktioun zu Lëtzebuerg, de Beruf vum Wënzer a villes méi.
Rv. tëscht 18.00 – 21.00 Auer. Avis aux amateurs.
Eng Umeldung wär léif um meco@oeko.lu, Tel. 439030-1, D’Wäiprouf ass gratis, eng kleng Onkäschtebedeelegung u Brout, Kéis ass erwënscht.

**Mëttwoch, 16.3.: Tarot-Owend:**



Spillt Dir gären Tarot? Oder wëllt Dir leieren Tarot spillen? Dann ass dëse Mëttwoch Owend genau dat richtegt fir Iech: Spillt zesumme mat aneren "Tarotsliebhaber", déi dësen Owend sécher do sinn!

**Mëttwoch, 23. 3: Sproochecafé tëscht 18.00 – 21.00:**

"Schwätzt lëtzebuergesch – an hëlleft auslännesche MatbiergerInnen Lëtzebuergesch schwätzen"... den Oekosoph bedeelegt sech un der Iddi vum Sproochecafé.

**Freiden, 25.3: Pianosowend mam Daniel Schweitzer.**

Den 25. Mäerz kënnt d'Musek erëm net nëmme vum Band. Tëscht 20.00 an 22.00 ass den Daniel Schweitzer um Piano. Hie spillt bekannte Klassiker an och Lëtzebuerger Lidder.

## Abrëll:



**Freiden, 15.4: Hunneg an all senger Vielfalt:** De Bio-Imker Roger Dammé wäert Iech un Hand vu verschiddenen Hunnegzorten erklären, wéi et – och zu Lëtzebuerg – eng grouss Vilfalt un Hunnegen ze entdecke gëtt, a firwat déi esou ënnerschiddlech sinn an Ausgesinn, Geroch, Konsistenz a Geschmaach. Loosst Iech iwwerraschen.

Fingerfood vum Lydie Philippy – natierlech zou bereet mat Hunneg – wäert de ganzen Owend beräicheren. Et gëtt:

* Gebackene Hokkaidoschiffchen mit Honig
* Birnencrostinis mit Ziegenfrischkäse und Honig
* Ingwer-Möhrensuppe mit Honig und Koriander
* Comté-Käse im Räuchertofumantel mit Honig
* Blätterteigtaschen mit Gorgonzola-Honig-Füllung

Präis: 15 Euro fir Memberen, 20 Euro fir Nët-Memberen.

Rendez-Vous um 19.30 am Oekosoph.